

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro Nummer 3878 schreiwen déi Damme Minister ënnert dem Punkt 2, datt de Banneministère dräi Gemengen drop opmierksam gemaach huet, dass d'Refonte vum PAG sou wéi se am Gemengerot decidéiert gouf, net gültig ass. Den nämmlechte Fall ass opgrond vu Verstéiss géint d'Ëmweltschutzgesetzgebung aacht mol fir den MECDD opgetrueden.

Duerfir géif ech der Regierung gär des Nofro stellen:

- 1) Wéivill vun de Gemengen wou een Vote complémentaire verlaangt gouf also 3 vun der Inneministesche plus 8 vun der Ëmweltministesche sinn dëser Exigenz NET nokomm?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten